

LGS-Reglement Nr 9

Chefennungen

Fir dësen Text méi lieserlech ze maachen, si bei all Begrëff, dee souwuel männlech wéi och weiblech ka sinn, all Kéier déi zwee Geschlechter gemengt, ausser et gëtt speziell präziséiert, z.B.: „Chef“ = Chef oder Cheftaine.

1. Konditiounen fir eng Ernennung als Chef ze kréien

- De Kandidat huet den erfuerderte Mindestalter :
 - 18 Joer fir eng Ernennung als Assistent
 - 19 Joer fir eng Ernennung als Branchechef bei Biber, Wëllefcher, Avex, CaraPio a RaRo
 - 21 Joer fir eng Ernennung als Gruppchef oder Gruppchef adjoint
 - 18 Joer fir eng Ernennung als Animateur spirituel
- De Kandidat huet déi entspreichend Formatioun ofgeschloss.
- De Kandidat huet genuch Fräizäit fir seng Chefcharge duerchzeféieren.
- De Kandidat huet déi néideg physesch, geeschteg, moralesch a charakterlech Eegenschafte fir seng Chefcharge duerchzeféieren ; besonnesch fir d'Guiden- a Scoutsmethod z'applizéieren, déi gemeinsam Guiden- a Scoutswärter ze vermëttelen a mat aneren zesummen ze schaffen.
- De Kandidat engagéiert sech fir seng Chefcharge während 3 Joer no de Grondsätz vun de Lëtzebuenger Guiden a Scouten gewëssenhaft auszeféieren. Ausnamsweis kann de Kandidat sech nëmme fir 2, respektiv 1 Joer engagéieren.

2. Demande fir d'Ernennung

- 2.1. Wann de Kandidat d'Konditiounen am Art. 1 all erfëllt, freet hien déi nei Ernennung iwwert en online-Formulaire an der Chefbox op lgs.lu un.
 - Fir eng Ernennung als Assistent ginn hei de Formulaire „Rapport iwwer eng gréisser Aktivitéit“ an d'Formatiounskaart bäigefügt.
 - Fir eng Ernennung als Branchechef gëtt hei den Datum vun der Visite an der Unitéit agedroen.
 - Fir eng Ernennung als Gruppchef oder als Gruppchef adjoint gëtt hei de Formulaire vun der Visite am Grupperot agedroen an de Formulaire „Accord vum Grupperot“ mat den Ënnerschrëfte vun de Membere vum Grupperot bäigefügt.



- 2.2. Nodeems de Kandidat seng Demande fir eng Ernennung am online-Formulaire agedroen huet, gëtt den zoustännege Gruppchef automatesch per e-Mail heiriwwer informéiert a gëtt dann entweder säin Accord oder säi Refus fir d'Ernennung. De Kandidat gëtt automatesch per e-Mail iwwert dëse Schratt informéiert.
- 2.3. Nodeems den zoustännege Gruppchef säin Accord fir d'Ernennung ginn huet, gëtt den zoustännege Commissaire :
 - de Branchecommissaire fir eng Ernennung als Assistent oder Branchef, chef,
 - de Commissaire fir Gruppen fir eng Ernennung als Gruppchef oder Gruppchef adjoint,
 - de Commissaire fir Spiritualitéit fir eng Ernennung als Animateur spirituel,automatesch per e-Mail heiriwwer informéiert a gëtt dann entweder säin Accord oder säi Refus fir d'Ernennung. De Kandidat gëtt automatesch per e-Mail iwwert dëse Schratt informéiert. Am Fall vun engem Refus kritt de Kandidat de Grond heivunner matgedeelt.
- 2.4. Nodeems den zoustännege Commissaire säin Accord fir d'Ernennung ginn huet, gëtt de Formatiounscommissaire automatesch per e-Mail heiriwwer informéiert a gëtt dann entweder säin Accord oder säi Refus fir d'Ernennung. De Kandidat gëtt automatesch per e-Mail iwwert dëse Schratt informéiert. Am Fall vun engem Refus kritt de Kandidat de Grond heivunner matgedeelt. De Formatiounscommissaire leet d'Dauer vun der Ernennung fest.
- 2.5. Nodeems de Formatiounscommissaire säin Accord fir d'Ernennung ginn huet, dréit d'Verbandssekretariat d'Ernennung an hier Dauer am LGS-Membersfichier an a schéckt dem Kandidat seng nei Chefkaart.
- 2.6. D'Ernennung gëtt am Numm vum Commissaire Général ausgestallt, dofir dréit d'Chefkaart seng Ënnerschrëft.
- 2.7. D'Ernennung kann zu all Moment am Joer ugefrot ginn..
- 2.8. D'Ernennung soll spéitstens 2 Joer no der éischer Formatiounsaktivitéit ugefrot ginn.
- 2.9. E Chef kann e puer Ernennunge gläichzäiteg hunn.
- 2.10. Wann en ernannte Chef de Grupp wiesselt, muss hien eng nei Ernennung am neie Grupp ufroen.





2.11. Den Art. 3.3 vun de Statute gesäit vir, dass all Unitéit am Grupp nëmme 1 Branchechef huet. Wann an enger Unitéit schon en ernannte Branchechef do ass, gëtt dofir fir all weidere Chef, deen d'Bedéngunge fir eng Ernennung als Branchechef erfëllt, eng Ernennung als „Assistent mat Rang Branchechef“ ugefrot.

3. Dauer vun der Ernennung

3.1. All Ernennung gëllt an der Reegel fir maximal 3 Joer a kann duerno erneiert ginn.

3.2. D'Ernennung gëllt vum Dag un, wou de Formatiounscommissaire säin Accord ginn huet, bis d'Zoumaache vum Verbandskongress maximal 3 Joer drop. Aus administrative Grënn huet de Chef awer bis spëitstens den 31. Oktober vun deem Joer Zäit fir seng Ernennung ze erneieren. Wärend dëser Iwwergangszäit bleift d'Ernennung gëlteg.

4. Konditioune fir d'Erneierung vun der Ernennung nom Konzept „Paddel däi Kanu“

4.1. Fir eng Ernennung kënnen ze erneieren, muss de Chef u verschidde „Kanu-Aktivitéiten“ deelhuelen an doduerch „Paddele“ sammelen.

Zousätzlech zu der erfuerderter Unzuel Paddelen (cf. Art. 4.2), muss de Chef fir d'Erneierung vun der Ernennung d'Konditioune am Art. 1 erfëllen.

4.2. Fir all gesammelte Paddel kann d'Ernennung fir 1 Joer erneiert ginn. Eng Ernennung ka fir maximal 3 Joer erneiert ginn. Mat der Erneierung vun der Ernennung verfallen all zousätzlech bis dohi gesammelt Paddelen.

Zousätzlech zu den normale Paddelen, si fir d'Erneierung vun enger Ernennung als Gruppechef oder Gruppechef adjoint nach spezifesch „Gruppechef-Paddelen“ noutweneg. 1 Gruppechef-Paddel fir eng Erneierung fir 1 oder 2 Joer an 2 Gruppechef-Paddele fir eng Erneierung fir 3 Joer. Fir eng Ernennung als Animateur spirituel ze erneieren, muss op d'mannst 1 Paddel op enger Kanu-Aktivitéit zu enger spiritueller / reliéiser Aktivitéit gesammelt ginn.

4.3. Wärend all Guiden- a Scoutsjoer bitt de Verbandsgrupp op d'mannst 1 „Kanudag“ un, dee fir 3 Paddelen zielt.

Zousätzlech zum Kanudag organiséiert de Verbandsgrupp verschidde Kanu-Aktivitéiten. De Formatiounscommissaire leet heifir d'Unzuel vu Paddelen (1 oder 2) fest.





4.4. E Grupperot ka fir sech selwer eng Formatiounsaktivitéit organiséieren, déi fir 1 oder 2 Paddelen zielt („Gruppe-Kanu“).

Eventuell Inhalter an / oder Theme kënnen sinn :

- Disziplin
- Zesummenaarbecht am Grupp
- Konfliktléisungsmethoden am Grupp
- Reliéis / spirituell Animatioun
- Fusiounsabsichten a Koedukatioun
- Relatiounen mat Elteren an Amicale
- Spiller an Animatiounstechniken
- asw.

De Grupp kann hefir op Spezialisten a Gaaschriedner zréckgräifen. De Formatiounscommissaire ka bei der Sich hëllefen.

Den zoustännege Gruppechef fëllt den online-Formulaire „Demande fir d’Unerkennung als Kanu-Aktivitéit“ an der Chefbox op lgs.lu aus a leet de Programm bäi.

De Formatiounscommissaire leet d’Unzuel vu Paddele fest. De betraffene Gruppechef kritt dës Decisioun matgedeelt.

Nom Gruppe-Kanu schéckt de Gruppechef eng Participatiounslëscht an d’Verbandssekretariat.

4.5. Fir Formatiounen bei anere Guiden- a Scoutsverbänn oder Organisatiounen am In- an Ausland kënnen 1 oder 2 Paddele gutt geschriwwe ginn.

Hefir fëllt de betraffene Chef den online-Formulaire „Demande fir d’Unerkennung als Kanu-Aktivitéit“ an der Chefbox op lgs.lu aus. De Formatiounscommissaire leet d’Unzuel vu Paddele fest. De betraffene Chef kritt dës Decisioun matgedeelt.

4.6. All gesammelt Paddele gi vum Verbandssekretariat am LGS-Membersfichier agedroen.

4.7. Ernante Chef, déi am Ausland studéieren, kënnen während der Dauer vun hirem Studium hir Ernennung Joer fir Joer jeeweils fir 1 Joer erneiert kréien. Dëst geschitt no der selwechter Prozedur wéi d’Erneuerung mat Paddelen (Art. 5), de Chef muss bei senger Demande uginne dass hien am Ausland studéiert an e Certificat vu senger Schoul bäifügen.





- 4.8. Ernante Chef, déi - zousätzlech zu hirer Chefcharge - eng gréisser Charge am Verbandsgrupp droen, kënnen als Unerkennung fir dës zousätzlech Aarbecht hir Ernennung fir 3 Joer erneiert kréien, soulaang si dës Charge ausféieren. Dat selwecht gëllt fir d'Membere vum Verbandsrot. Dëst geschitt no der selwechter Prozedur wéi d'Erneierung mat Paddelen (Art. 5), de Chef weist bei senger Demande op déi speziell Situatioun hin.
- 4.9. Ernante Chef, déi op enger nationaler Aktivitéit eng gréisser Charge droen, kënnen als Unerkennung fir dës zousätzlech Aarbecht hir Ernennung eemoleg fir 3 Joer erneiert kréien. Dëst geschitt no der selwechter Prozedur wéi d'Erneierung mat Paddelen (Art. 5), de Chef weist bei senger Demande op déi speziell Situatioun hin. De Formatiounscommissaire decidéiert wéi eng Aktivitéiten a Chargen hefir a Fro kommen
- 4.10. Wann en ernante Chef eng nei - zousätzlech - Ernennung ufreet, kann hie seng aktuell Ernennung(e) gläichzäiteg fir 3 Joer erneiere loossen. Hie muss bei senger Demande fir déi nei Ernennung uginn, dass hie senge aner Ernennung(en) erneiert kréie wëll. An deem Fall sinn all seng Ernennunge fir dee selwechten Zäitraum gëlteg.
- Ernante Chef, déi méi wéi en Ernennung hunn, kënnen all hir Ernennunge mat deene selwechte Paddelen erneieren.

5. Demande fir d'Erneierung vun der Ernennung

- 5.1. De Kandidat freet d'Erneierung vu senger Ernennung iwwert en online-Formulaire an der Chefbox op lgs.lu un.
- Fir d'Erneierung vun enger Ernennung als Gruppchef oder als Gruppchef adjoint gëtt hei de Formulaire „Accord vum Grupperot“ mat den Ënnerschrëfte vun de Membere vum Grupperot bäigefügt.
- 5.2. Nodeems de Kandidat seng Demande fir eng Ernennung am online-Formulaire agedroen huet, gëtt den zoustännege Gruppchef automatesch per e-Mail heiriwwer informéiert a gëtt dann entweder säin Accord oder säi Refus fir d'Erneierung vun der Ernennung. De Kandidat gëtt automatesch per e-Mail iwwert dës Schratt informéiert.
- 5.3. Nodeems den zoustännege Gruppchef säin Accord fir d'Ernennung ginn huet, gëtt de Formatiounscommissaire automatesch per e-Mail heiriwwer informéiert a gëtt dann entweder säin Accord oder säi Refus fir d'Erneierung vun der Ernennung. De Kandidat gëtt automatesch per e-Mail iwwert dës Schratt informéiert. Am Fall vun engem Refus kritt de Kandidat de Grond heivunner matgedeelt. De Formatiounscommissaire leet d'Dauer vun der Ernennung fest.





5.4. Nodeems de Formatiounscommissaire säin Accord fir d'Erneierung vun der Ernennung ginn huet, dréit d'Verbandssekretariat d'Erneierung vun der der Ernennung an hier Dauer an den LGS-Membersfichier an a schéckt dem Kandidat eng nei Chefkaart.

5.5. D'Ernennung gëtt am Numm vum Commissaire Général ausgestallt, dofir dréit d'Chefkaart seng Ënnerschrëft.

5.6. D'Erneierung vun der Ernennung kann zu all Moment am Joer ugefrot ginn.

6. Virzäitege Verfall vun der Ernennung

6.1. Eng Ernennung ka virzäiteg duerch de Commissaire Général, no Récksprooch mam zoustännege Gruppchef an dem zoustännege Commissaire, entzu ginn :

- Wann eng Konditioun aus den Art. 1 oder Art. 4 net, oder net méi, erfëllt ass.
- Wéinst uerge Verstéiss géint d'Guiden- a Scoutsgesetz, d'Statuten an d'Reglementer vum Verband (cf, Art. 3.5 vun den LGS-Statuten).
- Wéinst nogewisener Onfäegkeet (cf. Art. 3.5 vun den LGS-Statuten).

De betraffene Chef muss virdrun d'Geleeënheet kréien, säi Standpunkt ze verrieden. De Chef huet d'Recht, géint dës Decisioun Recours beim Ombudsrot a beim Éiererot vum Verband anzeleeën (cf. Art. 3.5 vun den LGS-Statuten).

6.2. E Chef, deen als Member vu sengem Grupp oder vum Verband ausscheet, verléiert domat och automatesch seng Ernennung(en).

7. Allgemeng Bestëmmungen

7.1. Ënner besonneschen Ëmstänn kann de Commissaire Général, op Virschlag vum Formatiounscommissaire an no Récksprooch mam zoustännege (Branche-) Commissaire, Ausnamen zu de Konditiounen fir d'Ernennung oder d'Erneierung vun der Ernennung maachen.

7.2. Dëst Reglement ersetzt d'Reglement Nr 9 vum 21.09.2011.

